Aktivitéiten an Entreprisen zu Bartreng

Kleng Butteker, wéi e Metzler oder e Bäcker gehéieren hautdesdaags leider net méi zum Alldag vun all Gemeng.

Villfach sinn dës sympathesch Entreprisen dem Präisdrock vun de Konsumtempelen an den leschten 30 Joer erleeën. Awer net nëmmen ass et de Präisdrock, mee och eng mësslech Planung oder einfach eng schlecht Lag, déi d'Ursaach ass, datt eng Epicerie géigeniwwer engem zentral ugebonnen Supermarché keng Chancen huet.

Bartreng huet sengersäits eng eenzegaarteg Lag. Nieft 2 grousse Supermarchéen a verschiddene klengen anere Geschäfter ass et quasi eng glécklech Fügung, datt nieft der Kierch vill Wichteges ze fannen ass, wat ee fir säin deeglecht Liewen u Produiten (Brout a Fleesch) oder Servicer (Dokteren an Apdikter, Coiffeur, Zeitungsbuttek an Optiker) brauch.

Haut si mir awer op engem kritesche Punkt ukomm, wou mir Gefor lafen, dass verschidde Butteker mussen zoumaachen. Als Bartrenger CSV sti mir fest dozou, datt Gebaier am Zentrum net gewënnbrengent an anonym Lotissementer transforméiert dierfe ginn an doduerch eisen Duerfkär ruinéiert gëtt. Mir wëllen eis verstäerkt asetzen, fir déi bestoend Commercen ze behalen a mat neie Firmen a Servicer ze completéieren. Zesumme mam shared-space forme mir esou laangfristeg en attraktiven Zentrum fir all Generatioun.

Bartreng ass mat senger zentraler Lag an der gudder Infrastruktur en interessante Standuert fir néi Entreprisen.

Eng Gemengepolitik muss de Standuert Bartreng interessant halen. Déi existéierend zone d'activité Bourmicht soll iwwerluecht an wuelgeplangt ausgebaut ginn. D'Infrastrukture (wéi d'IT an d'Stroossen) mussen an engem gudden Zoustand sinn an den Ausbau vun dëser zone muss dem Beruffstrafic Rechnung droen. Dëst ass en wichtege Punkt vun der CSV-Bartreng.

E weidert Ziel ass et awer och, néi Zonen ze schafen, ouni domat en negativen Afloss op d'Liewesqualitéit vun eiser Gemeng ze hunn.

Mir wëllen heimadden eng vu den erfollegräichste Gemenge vu Lëtzebuerg ginn.